N°2122
Entrée le 18.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2122 vum honorabelen Deputéierte Ricardo Marques**

Fir den direkten Accès an d'Funktioun vum spezialiséierten Enseignant fir Schüler mat spezifesche Besoinen (I-EBS) muss e brevetéierten Enseignant zwee Déngschtjoer ab der Nominatioun als Fonctionnaire an der ëffentlecher Lëtzebuergescher Grondschoul absolvéiert hunn an ee Master kënne virweisen, deen a Relatioun mam Begleede vu Schüler mat spezifesche Besoine steet. Dernieft ginn, wéi fir d'Agente vun der Fonction publique virgesinn, d'Mechanisme vum Changement de carrière applizéiert an esou kënnen déi genannte brevetéiert Enseignantë mat mindestens 10 Déngschtjore via de Mechanismus vun der Carrière ouverte respektiv déi mat mindestens 15 Déngschtjore via de Mechanismus vun der Voie expresse an d'Funktioun vum I-EBS wiesselen.[1]

Den Aufgabeberäich vun den I-EBS ass am Detail am Artikel 27 vun der *Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental* festgehalen an ëmfaasst prioritär (wärend 23 Schoulstonnen an der Woch), am Kader vun enger inklusiver Approche, d'Betreiung an d'Ënnerstëtzung vu Schüler, déi Léierschwieregkeeten hunn oder sozial an emotional Bedierfnisser opweisen. Et ënnerläit dem I-EBS, an Zesummenaarbecht mam Schoulcomité an der Regionaldirektioun, d'Bedierfnisser vun der Schülerschaft ze ermëttelen an d'Mesuren, déi sollen ëmgesat ginn, un dës Bedierfnisser unzepassen.

Aktuell intervenéieren 158 I-EBS an de Regierungsprogramm gesäit vir, datt d'Unzuel vun den I-EBS am Laf vun dëser Legislaturperiod soll erhéicht ginn.

Lëtzebuerg, den 18. Abrëll 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH

[1] *Loi du 25 mars 2015 fixant les conditions et modalités de l'accès du fonctionnaire à un groupe de traitement supérieur au sien et de l'employé de l'Etat à un groupe d'indemnité supérieur au sien (carrière ouverte)* an Artikel 54 vun der *Loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'Etat (voie expresse).*